

JONG

VUM

SCHREK OP DE' LETZEBURGER PARNASSUS.

VUM

A. Meyer.



LÉWEN,
BEI MASSAR-MEYER.

—
1832.

JONG

VUM

SCHREK OP DE' LETZEBURGER PARNASSUS.

VUM

A. Meyer.



LÉWEN,

BEI MASSAR-MEYER.

—
1832.

NOHRIICHT OIEN D'ENNERSCHREIVER.

Do et eerer nur etlech sen, só dat d'zoiel vun de' bestalten Exemplaren net iver 37 ausgeht, musst ech, fir d'kaeschte' vun Drock klenger ze maan, an net vun eerer woielgesenntheed een ivele' Gebrauch bis dohin ze maachen, ïech eng Bagatell, iver moosen deier dun ze bezielen, musst ech aus deen ursaachen, e'poier vun den oie'gekennegte' stecker eweglose' well se ze lang woren, an zugleich, do et nemmen ofress aus groessere' stecker, Z. B. aus dem Olominza sen, se, weent hirer onvolstaennegkeet, dach wéneg interesse fir vil, oder goierbaal fir all Lïeser gehoiët haetten.

Wat over d'Geschicht *vun engem Hiem* oiegeht, deels well se nach onvolstaenneg, deels well se ze lang fir den Emress vun desem Drok wéer, hun ech se durech e'klengert, och ganz schént steck, ersaat, a' gleeven, dat bei deem Tausch dé Heeren Ennerschreiver, deenen ech oeffentlech fir hir Gutheed an hir Lévyft fir d' sché'

koenschten dank sohn, neischt verlére' werden.
Och muss ech am verbeigohn erenneren, dat
d'Lidchen waat den titel hoiet : « *eng scene aus
dem Himmel* », noh der weiss oder der Aré :
« zu arel ob der knipchen sind die weiber froh. »
ka' gesonge' gin, ewell 't as graad dé nemme-
lech museck.

A. MEYER.

Léwen de' 25 Hoievermohnd 1832.

DE' PATER AN D' NON.

De' Pater setzt ron
Rücht iver der Non,
Seng baake' wé rósen
Wé brennende glósen;
Sen haart ewé waakel.
A' glenze' wé faakel;
Selvereg klengelt,
A' vil emgerengelt,
De' schné-weisse' schap,
Hem rond em de' kap;
Dreimol erhüft sech de' kenn,
Dee' kettelt d' begenn;
Bestraichelt den hégeche' bauch,
Feiereg laeft her den hauch.

A' wé gliddeche' Fonkel,
Am deischersten Donkel,
Lücht de' bokal,
Aus hellem kristal,
Vum schaazbierger naas,
Aus dem eelefter faas.

Net as do gebonnen,
A' bluddeche' wonnen,
Rond em d' Silvester,
Der biedende' Schwester,

Resprudelt mat beissender naetzt,
 Dé bóssbant em d' lenne' gebretzt;
 Net decken hir Broeschten,
 Dé himmlesch-geloeschten,
 Weis lenge' baenn,
 Dem pater seng haenn,
 Ob lieveche' nennen,
 Frei dohier rennen,
 Weit vum breviér
 Der goettlecher léer.

Och! och! dach Silvester
 O bïedende schwester,
 Wó sen dach deng senn
 O arem begenn!

Oh! los dach dee' fetten,
 Scho' laud het an d' metten,
 Scho' sangen um duksall
 Deng schwestern all,
 Hir hïerzer erhoieven
 Zu Gott deen se loieven!
 Laaf, laaf dach, sé gudder!
 Dé wûrdeche' mudder,
 Mat sichenden a'n,
 Erbleckt an de' fra'n,
 Dé streng se regéert,
 A' gottes-schóss féert,
 Dat fehlt an der Rei
 Silvester dé trei.

Och! och, dach Silvester,
 O bïedende schwester,
 Wó sen dach deng senn,
 O arem begenn!

Gleich Maater, gleich pungen,
 Dech, sennesch, emrengen,
 Silvester ach! ach!
 Am eisene' lach :
 Geschide' vum lücht,
 Vu' Gott deen dech rücht,
 Vu' Móken a' schlangen
 Eenzeg emfangen!
 Da' werffs de dech nider,
 Mat dódege' glider,
 Dan drés-de deng haenn,
 Gént eisene' waenn,
 Deng wéhen da' faalen
 Ob haarden ob kaalen,
 Aus Stiervendem mont,
 Ob eisseche' gront.

D'BEICHT VUN DER MAUS.



Eng Maus lóg krank um Bett,
 Rífft : dee' gebeicht dach haett!
 Daat wuurt vernümt e' koieder
 Soeht, as haett hen Oieder,
 'T muss huurteg Hellef hei!
 Laeft aan an d' zackerstei,
 Decht d'kóer-kaap sech un
 D'stola mat dem Cingulum;

Gebotzt am spiegel aus ,

Klappt oien he' bei der Maus :

» De pater fir eer sel ze soiergen » ;

« Heraan ! am Himmel sen ech Moiergen » !

(d'Kaatz) — Dòh frum dei' kreschten zeechen ,

Ob d'stir , ob d'broscht , ob d'schelre' reechen.

Du hoies dé helleg zeit gehaalen ,

Wó ons , Kristus , zu gefaalen ,

Am jude' lant doniden ,

De'schwéren dód geliden ?

Waat déf verboiergen dei' gewessen

Haellt , muss ech poenktlech wessen !

(d'Maus) — Neischt duurft ongedoh' mer bleiven ,

Vun deem waat d'helleg Bicher schreiven.

(d'Kaatz) - Andreckt kee'senne'laascht dech schwéer,

Gef oiecht — Vir gott bas d'am verhéer !

(d'Maus) — Am haeische' wó , a' flenkem sprangen ,

Dé arem fulle' loeschteg sängen ,

Bróch aan ech noiech's , noh lüchtem méhen ,

An etlech kiere' soom entzéhen :

Ewell mein hunger , Heer , wor onerhéert ,

Net mé , as deen ze stele' , góv entféert.

(d'Kaatz) — Du hoies dach net mat mïerdèr haenn ,

Getroiecht noh denges naecksten enn ?

Dach solls-de net noh frïeme' gidder troiechten ,

Deng zengt-gebot an allem oiechten !

An , éh'r ech kan dech absolvéren ,

Muss de stoentlech mech beléren ,

Wó dee' full , a' wé he' woient ,
 Dat , vu' , mir ermoient ,
 Hen hierzlech der verzeih.

Hois-d' och rei ?

Da' bïed , deng sél a' röh ze stellen ,
 E' poier gesetzer helleg krellen.

Nu' weider Maus :

(d'Maus) — Ech hun am Haus
 De' speck an d' miel
 An der wïel ;
 Daat ze stïelen
 Musst ech wïelen
 Zwesche' Stïerven
 Oder lïeven.

(d'Kaatz) — Deng sél befleckt ,
 Mech erschreckt

Dein éschte' stoiel ;

Héer woïel :

Speck stïelen —

D'Hell wïelen —

Nee' , mei , lévé neen ,

Verzeihe' kan der keen ,

Dech lass ze lossen

Trétt iver d'Mossen !

(D'Maus get greng a' gïel :))

(d'Maus) — Oie' Gott meng sél befïel !

(d'Kaatz) — Eh bee ! zur penitenz.

Bïed sive' Roesckraenz ,

Plus , fir deng dévereien ,
 Nach etlech liteneien ;
 Dei' speck gin ech den Armen ,
 Gott hief mat dir erbarmen !

An hoies-de sos mat wirder a' mat doth
 Geriedt , dedoh' gént gottes-roth ?
 (d'Maus) — An enger faal gefangen ,
 A' séer noh erhangen ,
 Erhoievt ech an deer schwéerer nó ,
 Z'entgohn dem nohen dó ,
 Gént himmel all meng haenn :
 Oh ! maach een Enn ,
 Soh , mei' léve' gott do oieven !
 Kuck meng gefohr ; ech wel dech loieven ,
 Dech éhre' wé nach keen het dó ,
 Entzéhs-de mech dem nohen dó ;
 Ech waerd zu dengem loiev verbrennen
 Mei' kant. — Nu lós he' mech entrennen.

Dach dat mei' wuurt ech net gehaalen ,
 Geeht woiel , o heer , íech net gefaalen ?
 (d'Kaatz) — Ech selver ka' keng maeisfaal leid
 wels-d'over d'éwegt feier meiden ,
 Dó a' meng helleg hant ,
 Zum offer , mer dei' kant ,
 Ech waerd , z'erfoellen dei' verspríechen ,
 An helleg feier-glósen 't stíechen.

Waat wees de nach ze sohn ,
 Hoies-d'emmescht leeds gedohn ?

(d'Maus) — Woiel net mat Doth wor Sennerenn ,
Gént d'kaatzen dach am senn !

Hu' mein haus oft woche' lang blokéert ,
Schwaarzen hunger a' mei' stod geféert ,
Mer d'kanner , d'fra entrasst ,
Erbasst ,

Am blut heremm gekéert ,
Ech sohn 't as onerhéert.

Verdriven oft a' wisteneien ,
Genédegt an dem schné ze leiben ,
Ech kan net sohn waat ech erdrohn ,
Vun hire' mïerder kloon !

A' quóm , bekleckt mat dreck a' leem ,
Ech ovends mit a' naas herheem ,
Dat lófe' blut an trén ,

Woierst ech nider mech zu kné'n ,
A' bïedt mat frum gefaalten haenn :
Maach dach mengem leed een enn !
Maach , o gott ! dee' mech erschaaften ,
Vum kaatze' rass e' leichenhaafen ,
Dreiv dé mïerder all vun ierde' boiedem ,
Wé aus gottes-gaart sos év an oiedem !

(d'Kaatz) — Waat klenkt a' mengem óher ,
As het wóer

Krott ?

Gott !

E' fluch as neischt — eng senn noch manner ?

Ruff deng kanner

Hell !
Stell
Flame'glós !
Deivels vós
Schloh de' pech ,
Schwievel brech ,
Net verzoht !
Ob der doth.
Kraecht de' Pater d'Maus ,
Do as meng soechen aus.

E' RITTER VUM BACKUS.

Dé eng seit.

Hu' vil gelievt ,
Se' weit gestrief ,
Munnech moeschen aalen
Dót an d'gurgel faalen ;
Och gude' brante' wein
Vu' goelden a' vu' selver schein.
Net a' kürche' waach ,
Beim würt wor noiecht an daag
Mat schwérem Naas beloieden ,
Deen drock mech oft ze boiedem.

Woiel musst um speicher woienen
Mat nót a' leed ze soiemen ;

Um kaale' schné
 Schlofe' wéh!
 Den himmel zó der zelt,
 verlosse' vun der welt:
 Ohne pap, óhne mudder,
 Ohne frent, sonner Brudder,
 Wé de' full um kaalen eis,
 Um schnébedeckte' reis!

Net sonner baschten
 Wor mei' rack; zum raschten
 naakeg stóng de' vóss.
 Oh wellech Böss:
 Musst noh jongem johr
 Lech' mech fréh ob d'bohr,
 Mat deischer ierd mech decken,
 Enner graas, enner hecken,
 Wó kee' steen dem reesner riedt
 E' frumme' róse'kranz hei bïed!

DÉ ANER SEIT.

Over soll och kee' mech héren,
 Am eidel sech meng ried verléren,
 Du mein hïerz eleng
 Daat am nógedraeng
 Nach eenzeg bei mer wor,
 Héer klor,
 Ob-s, du dee' mech veroiecht,
 O weisen, 't woiel bedoiecht

Dat, eng drebs vun dugendhaftem saaft,
Deer mei' lieve' gleich, woiel erkaaft
Vun dengem get, déselveg drebs, dé, a'viller naetzt
Verspreeet, hir dugendkraaft zersetzt?
Get soh, gént engem freedde' kwonkel
D' gelide' leed net donkel,
Wan, erhoieven iver gottes glanz
He', glóst am hire' kranz?

An haett ech dausend éweg lieven,
Si misten all elo verdierven,
Welt, aus sengem zauberfaas,
Mer backus schidde' naas,
Bis, geschiede' vun den Ierde' kwaalen,
Meng broscht erweit, mech d'séle' waalen,
An d'diamanten himmels-héhn
Gedrohn, um freedde'-flelek wéh'n!
Dan um trón, emschut mat goetter glanz,
Verzeckt vum musek-klank, vum zauber-danz,
Zu menge' fésse' kinek, kaeser leiht,
Selver Gott só gróss só weit,
D'welte' geissel an der hant:
Ech lenken himmel, lant!

O backus, backus, grosse' meeschter,
Zéh nun zreck deng zauber-geeschter?
Géh, o welt mat denge' gidder,
Ech hu'gelievt as treie' ritter,
Dir am dengscht batil,
Aedé welt-ech hun ze vil!!

ENG SCENE AUS DEM HIMMEL.

Zent Peter soht am himmel;
Ob d'seit nun d'ploherei;
Silvester kom meng grimmel,
Ieeh! d'vesper as verbei;
'Tas zeit mir gi' spazéren,
Zum goelden hoien dohin,
Am danz héremm ons kéren,
Ons guden aale'gin.

2.

S'obaal as d'stiere' lüchten,
O grét meng gouvernant!
De' weeh noh'm hoien ze rüchten,
Dóh em dei' seide' bant,
Mat Fleiss à voller soiergen,
Dach over over wier!
Dat bleive' mer bis Moiergen,
Gut d'himmels-dürche' spier!

3.

Mei' léve', léve', pétchen,
Ha-laacht deng gouvernant!
Volzéhe' waerd schon d'grétchen,
Noh moos was du genant.
Sobaal as d'stiere' lüchten,
Soeht: grétchen himmel spier!
Dei' fós noh'm hoien ze rüchten,
O nemme' nemme' wier!

4.

Am danz stóng kaum sylvester,
Zent peter an dem walz;
Du reckt schon oien den hesper,
All stieren em den halz:
De' wohn mat senge' rieder,
vum mohnd dé bleech gestalt;
Eng Deischtert, wé e' wieder,
Dé mecht ob ierden halt.

5.

A' gleich um selver-blenken,
Gebotzt ewé eng braut,
Kennt grét zent petrus wenken,
A' spiert den himmel laut.
A' fróh mat grosse' schrekken,
Ewé het wolt noh'm hoiien,
Klappt-po-het zum erschreeken,
Um himmel eemol oien.

6.

Maach ob sen helleg oiedem,
Ech muss nach haut heraan,
Gott scheckt mech ob de' boiedem,
Eng komission ze maan.
Maach ob mei' léven aalen,
Du wees ech sen dei' frent,
Sos muss ech hei erkaalen,
Ewell et fréert hent.

7.

Mai-ja mei' léven aalen!
Socht d'grétchen drob, da'baal!
Du kans mer woiel erkaalen,
Zent péter as um bal.
Sylvester as do eben,
Ia aedé léve' frent,
Ich wuensch dir gutes leben,
Mir danze' froehlech hent!

8.

A' glaefs-de ze verfréren,
O du meng léveg aal!
Ob d'bargier géh logéren,
Do as et goier net kaal;
Drenk brante'wein dohannen,
Nach éhr's-de schloofe' geeh's,
Ech gin dé aner fannen,
Nun aedé d'as d'het wees!

9.

A' wé sech wós um boiedem,
De' grósse' stier vu' gold,
Quóm lapppeg, wé e' foiedem,
Zent péter oie' getrolt;
Verloier den hut an d'fletschen,
A' séngt mat heller stemm,
Si d'engem hem zu kretschen
Seng fraen em hen em.

10.

Nu 'spiert hen ob den himmel,
Du wor den oiedem do :
Wó wors-de hent du lemmel,
Soeht oiedem, gefft am moh ?
Hen haeth hem eng ob d'baaken,
An daat net eng vu' stréh ;
Zent Péter wolt he' paaken,
He' faellt zu boiedem-wéh !

11.

'Lei d'grétchen an d'Silvester,
Ob oiedem sprange' lass ;
Dé hahn he' wéneg besser,
Si schleefen hen am flas ;
Si kraatzen hen zum decksten,
A' schlohn hem e' bloot A ;
Wie' Peter as am flecksten,
Soeht d'Grétchen drob-ah-ha !

12.

'T as schoied, an alle' bicher
Sicht wé et weider góng,
Font wé't am enn mat kricher,
Dach net mat dese' stóng ;
Dach soeht mer dat d'Fra Grétchen,
Am Himmel móg gejaiz,
An dat Gott-vater Pétchen
Och góf eng düchteg schneiz.

